Léif Veiner Leit,

Mir honn is haut den Moien allegor hei op der Place Vic Abens zesomenfond, fir isen Nationalfeierdag ze feieren an uan den Grand-Duc Henri an sein Famill ze dinken.

Nationalfeierdag ass fir is Allegor en Dag, dän is drop besënnt,

dass mir all zesomen an em Land wuanen, dat is en Hämicht ass,

opgebaut op Leit, dei zesomen halen,

well se sich hei opgehuewen féilen,

well si gemeinsam Werter dälen,

an well si di selwicht Sprooch schweetzen,

och wann se nët ëmmer d'selwicht klingt.

Mir honn allegor en zimmlich schwier Zéit hannert is, déi vuan schlëmmen Evenementer gezächend war, déi zum Däl nooch haut ist Zesomenliäwen beanflossen. An et geséit ganz dorno ous, ewi wann dat nooch en Zéit wäert esu bleiwen.

"I can't breathe" ... ech kann nët otemen ...

Dän Hëllefrouf, dän den George Floyd viruan em Jor an seiner dramatischer Agonie - an seiner Verzweiflung gerouf hott, städ fir vill Krisen, dänen is Gesellschaft haut ousgesaat ass: Ennerdréckung, Rassismus, Ormout, Ousnotzung vuan Matmënschen - an vill aanerer.

Mä än Kris déi is allegor betrof hott, egal op schworz oder wéiss, égal op orem oder réich, op ennerdréckt oder fréi, ass di weltwéit Corona-Pandémie. Si hott is - nooch mi ewi di global Emwëltkrise - gewisen, wi ofhängig mir allegor än vuan däm aneren sënn. COVID hott is virgefouert, ewi sier d'Mënschen kënnen an Rücksichtslosikät, Egoïsmus an Gewalt zeréck faalen.

"I can't breathe" ... Mir kënnen nët otemen - well en Virus is Gesellschaft gezwungen hott is Freihät opzeginn, well en is gezwungen

hott, is selwer anzespäeren an well en is gezwungen hott, is vuan enän ze trennen!

Mä den Virus hott is och dozou beweegt, is ze besënnen....

Viruan bëssen mi wi äm Jor sënn di ischt Leit hei am Land uan Corona erkrankt. All Woch - an dunn all Dag - sënn Leit, is Matmëschen, is Famill, hei an isem klänen Land uan em Virus erkrankt an vill ze oft gestuewen, och wann all d'Matuarbichter vuan isen Kliniquen hiert Best ginn honn an Iwermënschliches geläst honn, fir si ze retten.

Bis haut konnten mer nët verhënneren, dass zu Lëtzebuerg iwer 800 Leit uan dëser grausamer Krankhät gestuewen sënn, honnerten tragisch Änzel- an Familien-Schicksaaler.

Dänen, déi dës fierchterlich Plo nët iwerläwt honn an dänen mer nët konnten hëllefen, weisen mir haut, dass mir si nët vergässen. Dorfir biäden ech Eech Allegor, än Moment an Stëll uan si ze dinken .....

Opschunns et is goud gäd an isem Land an et is materiell uan néist feehlt, konnten mir dat schlëmmt Läd nët verhënneren. Spitsdens dunn ass is bewosst ginn, dass mir national ewi international mat drastischen Konsequenzen ze reechnen honn, wann mer nët zesomen stinn an nët mat aneren zesomen schaffen.

Is Regierung hott di ganz Zéit iwer alles druan gesaat, fir is ze schützen an is nët vuan isen Noperen ofzegrënzen, wat hinnen - mat munchen Réckschléi - och gelungen ass.

Am Feierwon häscht et : "....dat mir nun och - de Wee hu fond - zum éiweg grousse Völkerbond". Jo, mir sënn elo en Däl vuan däm " grousse Völkerbond" - an dat an em veränigten Europa.

Veinen feiert dëst Jor den 150sten Joresdag vuan där leetzter Visite vuam Victor Hugo an iser kläner Stad.

Den Victor Hugo hott wi kän aaneren ous seiner Zeit uan di Visiunn vuan däm " grussen europäischen Völkerbond" gegläwt !

Hän hott sech dämols fir déi Werter angesaat, déi is fréi Gesellschaft haut ousmaachen, an déi den Garant dorfir sënn, dass mir haut esu kënnen liäwen, ewi mir et wëllen: ... an Fréihät .

Den Victor Hugo kum dämols - am Juni 1871 - viruan 150 Jor - béi is op Veinen, well hän ous politischen Grënn ous seinem Land an ous seinem Exil zu Bréissel hott missen fortlaafen.

Hän kum hei hinner op Veinen, well di Veiner Bierger him d'Hand gerächt honn, an dat obschunns hei am Land vill Stëmmen dogeent waren fir hän, weens seinen politischen Iwerzägungen an seinem freien Gäst, opzehollen.

Is Virgänger honn dämols vill Courage gewisen. Dem Victor Hugo sein Visiunn vuan em friddlichen Zesomenliäwen an äner gerechter an fréier Gesellschaft hott och d'Leit hei zu Veinen beréiert.

Mir honn haut d'Chance, déi Visiunn ze liäwen! ... an daat well vill anerer viruan is schwier Sacrificer dorfir gemaach honn!

Viruan 150 Jor honn mir - als junk Natiunn - dem Victor Hugo, em grussen Verfechter vuan humanitären an demokratischen Werter, him mat seiner ganzer Famill, Asyl ginn. Dass hän dämols béi is Asyl fond hott, weisst, dass ronderem is louter Leener waren, déi nët esu gedoocht honn ewi mir.

Dämols ewi haut ginn mir villen Leit ous verschidenen Leener an friemen Kulturen béi is hei häm en Ennerdag, mir ginn hinnen Hëllef an hierem Misère an bauen mat hinnen en gemeinsam Zukunft op.

Et ass dat, wat is ousmicht: den Respekt viruan däm aaneren.

Déi Ansteelung solle mer hiich halen an aneren en Beispill sënn.

D'Geschicht weist is, dass dëss mënschlich Haltung di richtig ass!

Respekt an Solidaritéit!

Bis haut stinn mir zesomen an dëser schwieriger Zéit, déi leider noch nët eriwer ass - nët um gesondhätlichen - an och nët um politischen Plang.

Am Osten vuan Europa kämpfen Mënschen zanter Mint fir hir Rechter, anerer baangen em déi bësselchen Fréihät, déi hinnen bleiwt.

Si weisen is, dass än nëmmen matenän , unni Néid an unni Egoïsmus, mat vill Zouversiicht, Zesomenhalt, vill Matgeféil an Courage kann eepes Goudes erächen!

Isen Nationalfeierdag ass nët nëmmen d'Fest vuan Grossherzogs-gebuertsdag, mä et ass och d'Fest vuan iser Freihät, iser Gesellschaft an iser Solidaritéit.

Op dëser Plaz wëll ech dorfir allen Leit en grusse Merci soen, déi sich exemplarisch an den Déinst vuan isen Matmënschen an an den Déinst vuan iser Stad steelen.

Mir soen haut all dänen Merci, déi sich fir is Gesellschaft anseetzen, isen Matuarbichter vuan der Gemän, isen sozialen Déinster, isen Matmënschen an Nooperen, an all dänen villen Léit déi all Dag mat klänen an grussen Gester än däm aaneren hëllefen an zesomenstinn.

Léif Veiner,
Erlaabt mer zum Schluss, haut, op Großherzogsgebuertsdag,
dem Grand-Duc Henri an seiner ganzer Famill
an ärem Numm an am Numm vuam ganzen Gemänerot
éisen déiwen Respekt an is oprichtig Dankbarkät ouszedrécken,
verbonnen mat isen besten Wënsch.

Ech wënschen Eech allegor en schinnen Nationalfeierdag,

bleiwt gesond, ... an halt zesomen!

Vive den Grand-Duc! Vive di Großherzoglich Famill! Vive Lëtzebuerg!

Vive Veinen!